adr

Groupe parlementaire

Entrée le 20.09.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.09.2024
Chambre des Députés

Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture 8
Référence : 610/2024
23 SEP. 2024
A traiter par :
Copie à :

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. September 2024

Här President,
esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Déi Lëtzebuerger Veterinär- a Liewensmëttelverwaltung (ALVA) huet an enger Pressematdeelung vum 18. September weider Detailer bekannt ginn iwwert d'Ausbreedung vun der Blozongekrankheet zu Lëtzebuerg. Et ginn hei virun allem Infektiounszuele genannt an et wier an deem Kontext derwäert ze präziséieren, wéi sech d'Mortalitéit säit dem Ausbroch vun der Krankheet zu Lëtzebuerg laangfristeg entwéckelt huet. Déi betraffe landwirtschaftlech Acteuren hu säit dem 22. August iwwerdeems d'Méiglechkeet, der ALVA duerch d'Ausfëlle vun engem Formulaire matzedeelen, wann eng erhéichte Mortalitéit vu Béischten an hirem Betrib festzestellen ass.

An deem Kontext wéilte mir der Madamm Landwirtschaftsminister follgend Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Minister präziséieren, wéi d'Mortalitéit allgemeng vun de Béischten - opgeschlësselt no Ranner, Schof a Geessen - am Juni, Juli, August a September 2024 am Verglach zu 2023 – a Prozenter ausgedréckt – ass?
2. Wéi vill Béischten si säit dem 1. August pro Woch - opgeschlësselt no Ranner, Schof a Geessen - un der Blozongekrankheet zu Lëtzebuerg gestuerwen?
3. Wéi sinn d'Baueren an/oder d'Veterinären iwwert de Formulaire (https://agriculture.public.lu/de/formulare/tiere/nutztiere/meldung-mortalitaet-blauzungenkrankheit.html) informéiert ginn? Wéi vill Formulairen si scho bei der ALVA era gereecht ginn?
4. Um besote Formulaire steet eng Case, wou déi landwirtschaftlech Acteure kënnen d'Unzuel vun deenen un der Blozongekrankheet verstuerwenen Déieren androen. Wéi kann an deem Kontext séchergestallt ginn, datt d'ALVA iwwert déi korrekt Zuele vun der Mortalitéit vun de Béischten duerch d'Blozongekrankheet verfüügt, ouni datt virdrun eng definitiv Doudesursaach duerch de Veterinär oder de Labo confirméiert konnt ginn? Dierfen nëmmen Déieren ugi ginn, bei deene virdrun eng veterinärmedezinesch Ënnersichungen an/oder Labosanalyse gemaach gi sinn?
5. An der Äntwert vun der Madamm Landwirtschaftsminister op déi parlamentaresch Fro N°1108 gëtt gesot, datt de Staat 65% vun den Assurancëprimmen iwwerhëlt. Leien dem Ministère Zuele vir, wéi vill Lëtzebuerger Betriber – a Prozenter ausgedréckt – verséchert sinn am Fall vun engem Ausbroch vun der Blozongekrankheet? Sinn och Entschiedegungsmesurë fir net assuréiert Betriber virgesinn an, wa jo, wéi eng?
6. Leien dem Ministère Zuelen vir iwwert den Abroch an der Mëllechproduktioun hei zu Lëtzebuerg am Zesummenhang mat der Blozongekrankheet? Wa jo, vu wéi engem Abroch – a Prozenter ausgedréckt – kënne mir ausgoen?

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg Tel. : (+ 352) 463742

7. Denkt d'Madamm Minister, datt eng erhéichte Mortalitéit am August 2024 par Rapport zu 2023 an en eventuellen Abroch an der Mëllechproduktioun hätt kënne verhënnert ginn, andeems den Impfstoff éischter am Joer bestallt gi wier an doduerch d'Béischten éischter an net an der akuter Phase vun der Krankheet hätte kënne geimpft ginn? Wa jo, wéi eng Mesurë gi geholl, fir an Zukunft besser preventiv ze schaffen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Alexandra Schoos
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°1218 vun den éierbaren Deputéierten Jeff Engelen an Alexandra Schoos**

1. **Kann d'Madamm Minister präziséieren, wéi d'Mortalitéit allgemeng vun de Béischten – opgeschlësselt no Ranner, Schof a Geessen – am Juni, Juli, August a September 2024 am Verglach zu 2023 – a Prozenter ausgedréckt - ass ?**

| Collectes cadavres bovins | | | |
|---|---|---|---|
| | 2023 | 2024 | Variation (%) |
| Jun | 839 | 751 | -10% |
| Jul | 697 | 797 | 14% |
| Aug | 845 | 1190 | 41% |
| Sep | 713 | 1904 | 167% |

| Collectes cadavres Ovins et caprins | | | |
|---|---|---|---|
| | 2023 | 2024 | Variation (%) |
| Jun | 149 | 164 | 10% |
| Jul | 127 | 204 | 61% |
| Aug | 140 | 569 | 306% |
| Sep | 170 | 375 | 121% |

2. **Wéi vill Béischten si säit dem 1. August pro Woch – opgeschlësselt no Ranner, Schof a Geessen – un der Blozongekrankheet zu Lëtzebuerg gestuerwen ?**

Mir kënne just eng Iwwerstierflechkeet feststellen, mee hunn awer keng Informatioun iwwer Detailer, u wéi enger Krankheet d'Déiere gestuerwe sinn.

3. **Wéi sinn d'Baueren an/oder d'Veterinären iwwert de Formulaire ([https://agriculture.public.lu/de/formulare/tiere/nutztiere/meldung-mortalitaet-blauzungenkrankheit.html](https://agriculture.public.lu/de/formulare/tiere/nutztiere/meldung-mortalitaet-blauzungenkrankheit.html)) informéiert ginn? Wéi vill Formulairen si scho bei der ALVA era gereecht ginn**

   Am wëchentleche Communiqué gëtt ëmmer erëm drun erënnert, dass d'Informatioune mat deem Formulaire sollen iwwermëttelt ginn. De Formulaire kann um Portail Agrikultur erofgeluede ginn.
   24 Formulairen si bis elo era komm.

4. **Um besote Formulaire steet eng Case, wou déi landwirtschaftlech Acteure kënnen d'Unzuel vun deenen un der Blozongekrankheet verstuerwenen Déieren androen. Wéi kann an deem Kontext séchergestallt ginn, datt d'ALVA iwwert déi korrekt Zuele vun der Mortalitéit vun de Béischten duerch d'Blozongenkrankheet verfüügt, ouni datt virdrun eng definitiv Doudesursaach duerch de Veterinär oder de Labo confirméiert konnt ginn? Dierfen nëmmen Déieren ugi ginn, bei deene virdrun eng veterinärmedezinesch Ënnersichungen an/oder Labosanalyse gemaach gi sinn ?**

   Et läit am Ermiesse vum Bauer fir dei Béischten unzegin, déi senger Meenung no un der Blozongekrankheet gestuerwe sinn. Donieft gëtt an deene meeschte Fäll en Diagnostik vum Veterinär gemaach, well de Bauer d'Pflicht huet, e krankt Déier vun engem Veterinär behandelen ze loossen. Zousätzlech hu mir och nach d'Labosanlysen, an an de meeschte Fäll, wou d'Krankheet festgestallt gouf, läit zumindest ee positiivt Labosresultat vir.

5. **An der Äntwert vun der Madamm Landwirtschaftsminister op déi parlamentaresch Fro N°1108 gëtt gesot, datt de Staat 65% vun den Assurancëprimmen iwwerhëlt. Leien dem Ministère Zuele vir, wéi vill Lëtzebuerger Betriber – a Prozenter ausgedréckt – veréchert sinn am Fall vun engem Ausbroch vun der Blozongekrankheet? Sinn och Enschiedegungsmesurë fir net assuréiert Betriber virgesinn an, wa jo, wéi eng?**

   Stand August 2024 hu 60 Rannerbetriber eng Assurance fir de Fall vun engem Ertragsausfall bei Déierekrankheeten ofgeschloss, dat si ronn 5,5% vun de Betriber, déi Ranner halen.

   Effektiv ass et esou, datt d'Betriber sech géint dës Blozongekrankheet kënne versécheren an datt de Staat 65% vun den Assurancëprimmen iwwerhëlt. Vu dass de Servicer vum Landwirtschaftsministère keng fiabel offiziell Zuelen iwwert d'Verloschter vun de Betriber am Zesummenhang mat der Blozongekrankheet virleien, ass et de Moment ze fréi fir schonn eng Ausso iwwert eng eventuell Entschiedegung ze maachen.

   Mir sinn awer derbäi déi diesbezüglech Méiglechkeeten ze analiséieren an och d'Situatioun am noen Ausland genau ze suivéieren.

6. **Leien dem Ministère Zuele vir iwwert den Abroch an der Mëllechproduktioun hei zu Lëtzebuerg am Zesummenhang mat der Blozongekrankheet ? Wa jo, vu wéi engem Abroch – a Prozenter ausgedréckt – kënne mir ausgoen ?**

Der ALVA leie keng offiziell fiabel Zuele fir iwwert den Abroch vun der Mëllechproduktioun am Zesummenhang mat der Blozongekrankheet. Deen schéngt variabel a betribsspezifesch ze sinn.

7. **Denkt d'Madamm Minister, datt eng erhéichte Mortalitéit am August 2024 par Rapport zu 2023 an en eventuellen Abroch an der Mëllechproduktioun hätt kënne verhënnert ginn, andeems den Impfstoff éischter am Joer bestallt gi wier an doduerch d'Béischten éischter an net an der akuter Phase vun der Krankheet hätte kënne geimpft ginn ? Wa jo, wéi eng Mesurë gi geholl, fir an Zukunft besser preventiv ze schaffen ?**

Mir stelle fest, dass an de Betriber, wou geimpft ginn ass, de Krankheetsverlaf manner schlëmm war, och wann déi Impfung méi spéit gemaach gouf. A Betriber, wou trotz Impfrecommandatioun net geimpft gouf, war de Krankheetsverlaf méi hefteg.

Sécherlech wier eng flächendeckend Impfung virun der Arrivée vum Virus mei optimal gewiescht. Et muss een awer och bedenken, dass wann een Zuele vun Impfstoffer kuckt, déi bis elo un d'Vétérinairen verdeelt gi sinn, et kloer schéngt ze sinn, dass d'Motivatioun vum Secteur net héich genuch ass fir flächendeckend ze impfen trotz Disponibilitéit vum Impfstoff.

Den 23. Mee ass d' Pharmaindustrie contactéiert ginn, fir d'Prozedure vum Bestelle vum Impfstoff ze lancéieren. Deen 1. Schrëtt dovunner beinhaltet, dass d'Pharmaindustrie den techneschen Dossier schéckt, fir dat nationalt Zouloossungsverfahren ze lancéieren.

Mir schaffen deemno dru fir an Zukunft souwuel d'Prozeduren wéi och d'Informatioun nach ze optiméieren.

Lëtzebuerg, den 21. Oktober 2024
(s.) Martine HANSEN
Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau